

VIRLIESCONCOURS 2023

Gléck



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



Copyright : Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance
et de la Jeunesse
Rédaction : Anne-Marie Antony, Anne Biesdorf
SCRIPT
eduPôle Clausen, L-2926 Luxembourg

Tél. : 247-85184 / 247-75192
Illustration : Marina Herber
Internet : <http://www.script.lu>

Virwuert

Gléck

Mënsche sinn ënnerschiddlech an hunn deels ënnerschiddlech Ziler am Liewen. Eppes awer wëllt jiddereen: glécklech sinn.

Mee wat ass Gléck? Ass et e permanent Gefill vun Zefriddenheet oder ass et déi punktuell Freed iwwert eng Klenggeheet, déi mir gesinn oder erliewen? Si mir eis eisem Gléck iwwerhaupt bewosst? Muss et eis ëmmer gutt goen oder erkenne mir eréischt, wéi gutt et eis geet, wa mol en Ongléck geschitt? Et schéngt Leit ze ginn, déi ëmmer nëmme Pech hunn, an anerer, deenen d'Gléck an de Schouss fällt.

Mir all kennen och d'Gléck am Ongléck, de Moment wou mir mierken, datt eng kriddeleg Situatioun nach vill schlëmmer hätt kënne sinn oder ausgoen.

A geet et duer, wann ee selwer glécklech ass, oder soll een och zum Gléck vun anere Mënsche bäidroen? Kann ee säi Gléck deelen?

Ass Gléck gräifbar? Vläch ass et u Saachen, u Plazen, un eng bestëmmten Zäit oder u gewësse Leit gebonnen. Verschiddener versichen alt emol dem Gléck mat Glécksbrénger oder Ritualer nozehëllefen. Anerer mengen, datt ee selwer fir säin eegent Gléck verantwortlech ass.

Fir de Virliesconcours kënnen Extraite virgelies ginn, déi vum Thema Gléck handelen.

Et kann erëm an den dräi Schoulsprooche virgelies ginn: Däitsch, Lëtzebuergesch oder Franséisch.

D'Finall ass dëst Joer dëschdes nomëttes, den 27. Juni 2023, am Ariston zu Esch. Frënn, Famill a soss intresséiert Nolauschterer sinn häerzlech wëllkomm.

Dem Virliesconcours 2023 wënschen ech e grouse Succès an all deenen, déi matmaachen, vill Spaass.

En häerzleche Merci och jidderengem, deen op déi eng oder aner Manéier beim Concours hëlleft.

Luc Weis
Direkter vum SCRIPT

Gléck

Gléck ass eppes, wat mir eis all wënschen.

Et fält eis awer dacks schwéier, dee Begrëff ze definéieren: Bedeit Gléck fir jiddereen dat selwecht? Ass et anescht fir eng Persoun, där et ëmmer gutt geet wéi fir e Mënsch, deen dauernd schéngt Pech ze hunn?

Kënne mir eisem Gléck oder deem vun aneren nohëlfen oder beneide mir een alt emol ëm säi Gléck?

Wat heescht eigentlech glécklech sinn a wéi spiert sech Gléck un? Wéini a mat wéi si mir glécklech?

Vill Aspekter a Froe ronderëm d'Gléck fënnt een a ville Bicher. Dacks ass et net onbedéngt ee ganz Buch, mee just eng Zeen, déi ronderëm Gléck oder Ongléck dréint.

Et kënne verschidde Facettë vum Thema beliicht ginn: Den Extrait kann e Moment beschreiwen, wou eng Persoun an enger brenzleger Situatioun nach eng kéier gutt dovun komm ass. Et kann awer och eng Interaktioun tëscht Persounen sinn, wou d'Gléck oder allgemeng d'Zefriddenheet am Mëttelpunkt steet. Vlächet huet e Personnage zu engem anere sengem Gléck bäigedroen oder ganz einfach säi Gléck gedeelt? Et kann och en Extrait gelies ginn, wou een säi Gléck verlooss huet oder awer wou een sengem Gléck nohëlleft - sief et mat Glécksbrénger, Ritualer oder soss Hëllefsmëttelen.

All dës an nach aner Aspekter ronderëm d'Gléck kënnen dës Joer am Virliesconcours als Extrait presentéiert ginn.

Am Virwuert vun dëser Broschür gëtt d'Thema nach méi explizit ugeschwat.

Wat ka gelies ginn?

Den Extrait muss dem Thema an dem Alter vum Kand, respektiv dem Niveau vum C4 entsprechen.

Et kann an enger vun den dräi Schoulsproochen virgelies ginn: Däitsch, Franséisch oder Lëtzebuergesch. Fir déi dräi Sproochen zesummen gëtt et 1 Gewënnerin oder 1 Gewënner, net 1 pro Sprooch.

Zougelooss sinn nëmme Kanner- a Jugendbicher, keng Zäitschrëften, keng Fotokopien a kee Schoulbuch. Et gëtt aus engem gedréckte Buch gelies.

Sachbicher, Gedichter, Theaterstécker a Billerbicher, grad wéi BDen a Graphic Novels sinn och net erlaabt.

D'Kanner siche sech en erzielend Buch zum Thema aus. D'Schoulbibliothecairen an d'Léierpersounen sinn invitéiert, si bei der Auswiel vun de Bicher an de passenden Extraiten ze ënnerstëtzen. Zesumme solle si kucken, ob d'Buch dem Alter vum Kand entsprécht, a si siche eng Plaz am Text eraus, déi dem Thema gerecht gëtt a sech gutt eegent, fir virgelies ze ginn.

Et muss also net dat ganz Buch bäi d'Thema passen, mee just de gewielten Extrait.

Den Timing vum Virliese ass strikt anzehalen: **3 Minutte fir de bekannten Text.**

Bei der nationaler Finall kënn dann kënn zousätzlech en **onbekannten Text** derbäi. Dësen huet eng Virlieszäit vun **ongeféier 2 Minutten.**

Weider hannen an der Broschür stinn d'Krittären, no deenen d'Liese bewäert gëtt.

Wéi leeft de Concours of? Neierung zanter 2020: Challenge-Variant

De Virliesconcours wäert vun elo un d'Challenge-Variant bäibehalen. Dat heescht, datt all Schoul, déi matmécht, hiert Gewënnerkand direkt beim SCRIPT umellt an datt et **keng regional Halleffinale** ginn, mee just eng national Finall.

1. Etapp: An der Klass

D'Kanner siche d'Sprooch eraus, an där si virliese wëllen. Dës Sprooch hale si bei allen Etappen bäi.

An der Klasse vum Cycle 4 ginn déi bescht Virlieserinnen a Virlieser ermëttelt. Dat heescht konkret, datt et **fir déi dräi Sproochen zesummen 1 Gewënnerin oder 1 Gewënner gëtt**, net 1 pro Sprooch. Dës gëllt vum Niveau Klass un och duerno bei den aneren Etappen.

2. Etapp: Am Schoulgebai

Wéint der spezieller Challenge-Variant wäerten a verschidde Schoulen vlächet net ganz Klasse wëlle matmaachen. An deem Fall mellen déi interesséiert Kanner sech direkt beim Schoulbibliothecaire. Et gëtt da keng Klassefinall, mee direkt d'Etapp vum Ermëttle vun der Schoulgewënnerin oder dem Schoulgewënner.

De Schoulbibliothecaire këmmert sech em d'Schoulfinall. Et ass de Schoulbibliothecairen an de Léierpersounen iwwerlooss, wéi grouss si d'Schoulfinall wëllen organiséieren. An der Schoulfinall bestëmmt e Jury d'Gewënnerin oder de Gewënner.

No der gemeinsamer Deliberatioun vum Jury mellt de Schoulbibliothecaire dat Kand, dat a sengem Gebai gewonnen huet, mam Onlineformulaire beim SCRIPT un a schéckt an engems d'Audio-Datei vum Gewënnerkand per Mail oder via **wetransfer.com** u: **virliesconcours@script.lu.**

De SCRIPT brauch wgl. eng **Audio-Opnam** vum Gewënnerkand sengem Extrait (**maximal 3 Minutten**). **D'Kand soll direkt mam Liese vum Extrait ufänken, ouni säi Numm, den Auteur oder den Titel vum Buch ze nennen.**

Et soll och keng Video-Opnam sinn.

VIRLIESCONCOURS2023

De Formulaire fir d'Umeldung vum Schoulgewënner oder der Schoulgewënnerin ass online ze fannen ënnert der Adress: <http://www.edulink.lu/fzyj>.

D'Schoulgewënnerin oder de Schoulgewënner soll wgl. bis spëtstens den 31. Mäerz 2023 gemellt sinn. Parallel zur Umeldung soll och den **Audiofichier** matgeschéckt ginn. Aus all Schoul, egal wéi grouss se ass, kann nëmmen 1 Gewënnerin oder 1 Gewënner ugeholl ginn.

3. Etapp: Challenge-Variant

No der Etapp vum Schoulgebei ginn d'Upassung vum 2020 an 2021 elo definitiv bäibehalen.

Nom Niveau Schoulgewënner/Schoulgewënnerin wiesselt de Concours a op d'Challenge-Variant.

Konkret heescht dat, datt d'Schoulgewënnerinnen an d'Schoulgewënner mat hiren Donnéeën an hirer Audio-Datei direkt um SCRIPT gemellt ginn, an et keng Halleffinall an de Regioun gëtt. De SCRIPT stellt e Jury op, deen e Gewënner pro Regioun ermëttelt, opgrond vun den Audio-Dateien, déi erageschéckt goufen.

De Regionalgewënner oder d'Regionalgewënnerin ass also automatesch Finalist.

4. Etapp : D'Finall zu Esch

De SCRIPT organiséiert dëst Joer eng national **Finall** den **27. Juni 2023 nomëttes am Ariston zu Esch.**

De SCRIPT invitéiert d'Finalistinnen an d'Finalisten direkt an d'Kanner mussen aus organisatoresche Grënn hir Präsenz confirméieren. Den Enseignant vun all Finalist an all Finalistin kritt d'Invitatioun en copie.

All Kand liest an der Finall säi bekannten an och en onbekannten Text vir.

Dësen Iwwerraschungstext, deen net vir dru kann ugekuckt ginn, ass an d'ärselwechter Sprooch wéi den Text, deen d'Kand als bekannten Text virgedroen huet.

D'Kand kann, falls gewënscht, och en neie bekannten Text fir d'Finall eraussichen an en do virlesen. Dat muss d'Kand dann awer dem SCRIPT am Virfeld bei senger Umeldung matdeelen.

Den Timing vum Virlese gëtt ganz strikt agehalen:

- 3 Minutte fir de bekannten Text
- 2 Minutte fir den onbekannten Text

D'Kanner kënnen gäre Famill, Frënn a Klassekomerode mat op d'Finall bréngen. Aus organisatoresche Grënn soll all Kand d'Unzuel vu senger Begleeder am Virfeld iwwer virliesconcours@script.lu umellen.



VIRLIESCONCOURS2023

De Jury

Fir d'Ermëttele vun der Schoulgewënnerin oder dem Schoulgewënner ass et dem Schoulbliothecaire fräi iwwerlooss, de Jury zesummenzestellen.

Fir d'Etappen duerno si Leit aus dem Bicher-a Kulturmilieu, respektiv dem Enseignement am Jury.

An der Finall sinn et Leit aus dem Bicher-a Kulturmilieu: Schoul, Librairie, Bibliothéik, Theater, ...

D'Decisioun vum Jury kann net ugefecht ginn. De Rechtswee ass ausgeschloss.

Fir weider Informatiounen:

virliesconcours@script.lu

anne-marie.antony@men.lu

(Tél. 247-85184)

anne.biesdorf@men.lu

(Tél. 247-75192)

Wat a wéi gëtt bewäert?

Beim Virliesconcours geet et net nëmmen drëm, ouni Feeler virzeliesen. Bei der Bewäertung spillen och nach aner Krittären eng Roll:

1. Technik vum Liesen

Gëtt den Text fléissend gelies, däitlech ausgeschwat, sënnegeméiss betount? Ginn d'Liespause richteg agehalen (Komma, Punkt ...)? Sinn de Liestempo an d'Lautstäerkt ugepasst? Kleng Verspriecher ginn hei net iwwerbewäert.

2. Textverständnis an Textgestaltung


Mierkt een, datt d'Kand den Text verstanen huet? Gëtt d'Stëmm gutt agesat, fir den Text ze gestalten, ouni iwwerdriwwe Schauspillerei? Geléngt et dem Kand, d'Stëmmung vum Text gutt erëmzeginn? Füllt een sech als Nolauschterer ugeschwat?

3. Choix vum Extrait

Gëtt den Extrait dem Thema gerecht? Ass d'Lieszäit gutt geplangt? Entsprécht den Text dem Alter vum Kand?

Wat gëtt et ze gewannen?

Op den Etappen 3 a 4 gëtt et Bicherpräisser ze gewannen. D'national Gewënnerin oder den nationale Gewënner kritt e Buch an e gréissere Bicherbong.



VIRLIESCONCOURS2023

Formulaire wgl. online ausfëlle bis den 31. Mäerz 2023

ONLINE-Formulaire: <http://www.edulink.lu/fzyj>

Kand	
Numm a Virnumm	
Cycle	
Hausnummer, Strooss	
Plz an Uertschaft	

Schoul	
Numm	
Hausnummer a Strooss	
Plz an Uertschaft	
Regionaldirekter	
Unzuel vu Kanner, déi am Ganzen um Concours deelgeholl hunn	

Léierpersoun	
Numm	
Email	

Schoulbibliothecaire	
Numm	
Email	

Buch	
Titel	
Auteur	
Verlag	
ISBN	



SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques